

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Kooperationsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3760 huet d'Regierung geäntwert, datt Lëtzebuerg an deenen nächste Joren eng Enveloppe vun 200 Milliounen Euro fir Klimaentwécklungshëllef wëll bereet stellen. Wéi am Artikel "*Anpassung und Abschwächung*" dee rezent am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, zu deem Theema ze liese war, ass dës Enveloppe fir d'Beneficiairen un eng Rei Konditioune gebonnen. Sou dierfen déi betraffe Länner weeder op Atomstrom nach op genmanipuléiert Saatgut zeréckgräifen.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Ginn déi 200 Milliounen Euro op den Undeel vun de Lëtzebuerger Ausgabe fir Kooperatiounshëllef um Bruttoinlandsprodukt mat ugerechent?
- 2) Gesäit d'Regierung an hiren Ausschlosskrittären en Negativreiz deen déi betraffe Länner kéint dozou verleeden, net genuch an dréngend benéidegt Technologien ze investéieren? Wann net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten